adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister, den Här Policeminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Ëmmer rëm gouf d'Ëffentlechkeet zu Lëtzebuerg déi lescht Joren duerch Zeene vu Jugendgewalt schockéiert, wou d'Affer net nëmmen zerschloen, mee och nach entspriechend Filmer op de soziale Reseaue verbreet goufen. Dës Videoe bedeite fir d'Affer dacks eng Zousazbelaaschtung, well si hir Péng ëmmer nees op en Neits virun Ae gefouert kréien an och nach hir Anonymitéit a Privatsphär verléieren.

Op där anerer Säit goufen d'Filmer, déi am Kader vun engem rezente Virfall bei der Zitha-Klinik entstane sinn mam Accord vun den Eltere bewosst weiderverbreet, fir d'Ëffentlechkeet op dës Brutalitéit opmierksam ze maachen an d'Identifizéierung vun Täter ze ënnerstëtzen. Och de Staat hänkt op ëffentleche Plaze Kameraen op, fir Täter ze identifizéieren an ofzeschrecken. Doriwwer raus verbreet d'Police déi entspriechend Biller dacks iwwer d'Press, fir weider Hiweiser ze sammelen. Am gläiche Sënn kënnen Zeien, déi d'Police alarméiert hunn awer sech fir eng weider Interventioun misste selwer a Gefor bréngen, den Handy asetzen, fir Beweiser ze sécheren an Täter sou eventuell ofzeschrecken. Och bei Gewaltvideoen am Kontext vun der Jugendkriminalitéit kënnen Filmer dozou bäidroen Strofdoten ze dokumentéieren an Täter ze identifizéieren.

De Schoulministère huet ënnert dem Titel "not sharing is caring" elo rezent eng Campagne lancéiert, déi eesäiteg den Aspekt vun der Privatsphär vum Affer viséiert a just drop opmierksam mécht, datt een sech an all Fall wou een esou e Video verbreet, strofbar mécht. Och am Fall virun der Zitha-Klinik huet de Parquet e Schreiwes zirkuléiere gelooss, fir d'Leit drop opmierksam ze maachen, datt si hei géint e Gesetz verstoussen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi eesäiteg Ausriichtung vun der "not sharing is caring" Campagne motivéiert ass an dobäi preziséieren, firwat d'Regierung de Fokus net och wëll op d'Ofschreckung vu potenziellen Täter leeën? Gesäit d'Regierung hei net Gefor, datt Leit aus Angscht sech strofbar ze maachen, sech net trauen, Strofdoten ze dokumentéieren an ze denoncéieren?
2) Sollten eventuell Richtlinnen a Prozeduren definéiert ginn, fir et ze erméiglechen iwwer d'Verbreedung vu privaten Handyvideoen déi eng Strofdot dokumentéieren, vu Fall ze Fall ze entscheeden?

3) Besteet net och en Interessi vun der Ëffentlechkeet fir transparent iwwer d'Zoustänn am Beräich vun der Kriminalitéit hei am Land informéiert ze sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten